

# CSV AARBECHTSGRUPPEN MATDENKEN. MATGESTALTEN.

**4/ELO!**

De Magazin fir  
d'Membere vun der CSV



## **LÉIF FRËNDINNEN A FRËNN**

Mam leschten ELO! hu mir d'CSV Akademie ([csv.lu/akademie](http://csv.lu/akademie)) presentéiert. Dës ass eng éischt wichteg Etapp fir d'Formatioun an d'Participatioun an eiser Partei ze stäerken. No der Annonce um Nationalkongress zu Ettelbréck, lancéiere mir elo och d'CSV Aarbechtsgruppen.

D'Zil vun den Aarbechtsgruppen ass et, an enker Ofstëmmung mat den Deputéierten a Ministeren, eis Politik ze begleeden an op d'Erfahrung vum Terrain zeréckzegräifen. Dir bitt eng grouss Diversitéit vun ënnerschiddleche Kompetenzen, vu breede Berufserfahrungen a vu perséinlechem Engagement an Associatiounen a Veräiner.

D'Aarbechtsgruppe gi jeeeweils vun eisen Deputéiert, an Zesummenaarbecht mam Generalsekretariat an der Fraktioun, geleet.

Mir hoffen op Är Participatioun a freeën eis Iech an engem vun den Aarbechtsgruppe begréissen ze kënnen.

**LUC FRIEDEN**  
Parteipresident

**ALEX DONNERSBACH & FRANÇOISE KEMP**  
Generalsekretären

# **DÉI VERSCHIDDEN AARBECHTSGRUPPEN AM IWWERBLÉCK.**

## **EDUKATIOUN – RICARDO MARQUES**

De Grupp kuckt op d'Erausfuerderunge vum Schoulsystem: Qualitéit vum Enseignement, Schoulofbroch, Inklusioun, Projet ALPHA, Beruffsorientéierung, administrativ Belaaschtung, asw. Zil: konkret Piste fir eng modern Schoul.

## **GESONDHEET – FRANÇOISE KEMP**

Wéi gesäit eng modern Gesondheitsversuergung aus? Themae sinn z.B.: Zougang zu medezinescher Versuergung, Personalmancktem, Preventioun, mental Gesondheet, Urgencen, Digitaliséierung.

## **WIRTSCHAFT & FINANZEN – DIANE ADEHM & LAURENT MOSAR**

Dëse Grupp analyséiert z.B. Theme wéi Aarbechtsmaart, wirtschaftleche Wuesstem, öffentlech Finanzen, Kafkraaft, Finanzplaz, Steierreformen an d'Attraktivitéit vum Land an engem erausfuerderende Kontext.

## **LANDWIRTSCHAFT – JEFF BOONEN**

D'Roll an d'Erausfuerderunge vun der Landwirtschaft am Land stinn am Méttelpunkt vun dësem Grupp. Et geet dorëms, gemeinsam Iddien ze entwéckelen fir d'Zukunft vun dësem wichtege Secteur ze gestalten.

## **ËMWELT – PAUL GALLES**

Klimaschutz, Biodiversitéit, Loft- a Waasserqualitéit, nohalteg Mobilitéit: Et geet ëm konkret Léisunge fir d'Ëmwelt ze schützen.



## PRAKTESCH INFORMATIUNEN

### Wéi kann ech an engem Aarbechtsgrupp matschaffen?

All Aarbechtsgrupp zielt bis zu 25 Memberen.

Fir méiglechst ville Memberen d'Méiglechkeet ze ginn matzeschaffen, kann ee just an engem Aarbechtsgrupp sinn. Bei der Umeldung ass et awer méiglech en zweete Choix unzeginn.

D'Membere ginn nom Kritär "*First come, First served*" zeréckbehalen.

D'Umeldunge lafe bis Méindes, den 2. Juni 2025 iwwert de Formulaire op eisem Site. ([csv.lu/aarbechtsgruppen](https://csv.lu/aarbechtsgruppen))



D'Generalsekretariat kontaktéiert nom 2. Juni d'Memberen déi sech fir d'Aarbechtsgruppe gemellt hunn. Dir gitt da kontaktéiert, fir déi éischt Reunioun festzeleeën. An dëser Reunioun gëtt sech ausgetosch, ginn organisatoresch Froe gekläert an de Kalenner festgeluecht.

D'Reunioune sinn op Lëtzebuergesch. D'Memberen déi manner gutt am Lëtzebuergesch sinn, kënnen sech awer och op Däitsch, Franséisch oder Englesch ausdrécken.

Fir all weider Froen zu den Aarbechtsgruppen, kënnt Dir d'Generalsekretariat kontaktéieren. (Tel : 22 57 31-1, [csv@csv.lu](mailto:csv@csv.lu)).